



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par: Nathalie Weber
Tél. (+352) 247-86352

Le Ministre de la Sécurité sociale
à
Monsieur le Ministre aux Relations avec le
Parlement

Luxembourg, le 29 juin 2021

Référence : 838x891f5

Objet: Question parlementaire n°4337 du 21 mai 2021 de Monsieur le Député Jeff Engelen au sujet de l'évaluation du système des pensions par l'Union européenne

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse commune de Monsieur le Ministre des Finances et du soussigné à la question parlementaire n°4337 du 21 mai 2021 de Monsieur le Député Jeff Engelen au sujet de l'évaluation du système des pensions par l'Union européenne.

Je vous saurais gré de bien vouloir la transmettre à la Chambre des Députés.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Pour le Ministre de la Sécurité sociale

Abílio FERNANDES MORAIS
Premier Conseiller de Gouvernement

Annexe(s) : Réponse à la question parlementaire n°4337





Gemeinsam Äntwert vum Minister fir d'sozial Sécherheet a vum Finanzminister op d'parlamentaresch Fro n° 4337 vun dem Här Deputéierte Jeff Engelen iwwert d'Evaluatoun vun der europäescher Unioun iwwert de Pensiounssystem

Déi demographesch Projektione vun Eurostat, déi am "livre vert sur le vieillissement" zitiiert a benotzt ginn, enthalen Schätzungen iwwert d'Evolutioun vun der Populatioun vun allen EU-Memberstaaten. Doduerch, dass d'Populatioun am Alter 65+ (respektiv 72+) gläichgesat gëtt mat de Pensionéierten, an d'Populatioun am Alter 15-64 mat den Aktiven um Aarbechtsmaart, trëfft d'EU-Kommissioun hei also Aussoen zum Pensiounssystem op der Basis vu reng nationalen demographesche Berechnungen déi net der Lëtzebuerger Realitéit entsprechen. Et ass gemengerhand bekannt, dass grad de lëtzebuergeschen Aarbechtsmaart, an domat och de lëtzebuergesche Pensiounssystem, sech auszeechent duerch eng héich Proportioun vu Frontalieren.

All dräi Joer verëffentlecht d' EU-Kommissioun an Zesummenaarbecht mat de Memberstaaten e Rapport zur Alterung vun der Gesellschaft ("Ageing Report"). Dësen enthält ënnert anerem Projektionen iwwert di laangfristeg Entwécklung vun den nationale Pensiounssystemer vun alle Memberstaaten, déi haaptsächlech op den demographesche Projektione vun Eurostat baséieren an enger ganz Rëtsch vun aneren Hypotheesen.

Déi aktuellst Verëffentlechung huet am Mee 2021 stattfonnt. Selbstverständlech berécksiichtegen dës Projektione fir Lëtzebuerg wesentlech Aspekter vun der nationaler Economie a vum öffentlechem Pensiounssystem. Et geet een ënner Anerem an de Berechnungen dovun aus, datt den Undeel un Frontalieren um lëtzebuergeschen Aarbechtsmaart op engem héijen Niveau bleiwen wäert. Dës Projektione fir Lëtzebuerg erlaben et, am Kontext vun den Hypotheesen déi ugewannt goufen, Aussoen zur Nohaltegkeet vum Pensiounssystem ze treffen. Dëst gëtt op der Basis vun der Evolutioun vu den Recetten an Depense vum Pensiounssystem relativ zum Bruttoinlandprodukt (PIB) erstellt an d'Resultater bestätegen den Androck deen och schonn aus vergaangenen Exercicer ervirgaangen ass. Während d'Recetten, relativ zum PIB, konstant bleiwen, verduebelen sech d'Depensen am Verlaf vun de Projektione bis zum Horizont 2070, wouduerch de Pensiounssystem riskéiert laangfristeg ënner Drock ze geroden.

D' Projektione ginn op engem "no policy change" Szenario erstellt, wat bedeit, dass ugeholl gëtt dass d'Legislatioun vum Pensiounssystem während der ganzer Projektion (an dësem Fall bis d'Joer 2070) net géif änneren. Insbesonneg heescht dat, dass d'Optioun vun enger "pension de vieillesse anticipée" am Alter vu 57 Joer bei 40 obligatoresche Cotisationsjoren während der ganzer Projektion bäibehale gëtt. Gläichzäiteg heescht dat awer och, dass Automatismen, déi an der Reform vum 21. Dezember 2012 festgeluecht goufen, och gräifen. Déi automatesch Upassung vun de Parametere vun der Pensiounsformel tëschent 2013 an 2052 gëtt an de Projektione genau esou berécksiichtegt ewéi déi automatesch Revisioun vum "coefficient modérateur" vum "reajustement" op maximal 50% wann d'"prime de répartition pure" iwwert 24% klëmmt an d'Ewechfale vun der "allocation de fin d'année" am Fall wou de Cotisationsstaux iwwert 24% leie géif. Et ass och ze bemierken dass d'Projektionen d'Kombinatioun vun enger "pension de vieillesse anticipée" mat enger berufflecher Aktivitéit virgesinn, an dëst ob Basis vun der Pensiounsreform déi jo d'Reegele vum "anti-cumul" allegéiert huet fir Ureizer fir dese Modus ze schafen.



De Lëtzebuenger ëffentleche Pensiounssystem baséiert op enger Emlagefinanzéierung. D'Cotisioune vun haut bezuelen d'Pensioune vun haut, während zukünfteg Pensioune vun zukünftege Cotisioune bezuelt ginn, an dëst mat enger Bedeelegung vum Staat. Doduerch ass et net sënnvoll de Lëtzebuenger Pensiounssystem, a generell esou een ëffentleche System, op Basis vun de Prinzipie vun engem private virfinanzéierte Pensiounsfong ze evaluéieren a vun engem "implizite Scholdebierg" oder enger "verstoppter Schold", also Verbindlechkeeten am Passiva, ze schwätzen ouni déi eventuell Saach- a Finanzreklagen am Aktiva mat a Betruecht ze zeien. Wann een esou eng Approche wielt muss een déi komplett Situatioun ofbilden an deemspriechend op der Säit vun de Verbindlechkeeten niewent de gesammelte Pensiounsrechter vun den aktuellen aktive Versécherter an den aktuelle Pensionéierten och sämtlech zukünfteg Pensiounsrechter esouwuel vun den aktuellen Aktiven ewéi och vun den zukünftegen Aktive kucken, an op der Säit vun de Finanzreklagen eben och all zukünfteg Cotisioune, staatleche Bedeelegungen an och d'Reserve mat hirem zukünftege Rendement mat abezéien. Op de Stand 2019 gekuckt kennt een deemno op een totale Finanzbedarf (Passiva minus Aktiva) vun em déi 90% vum PIB iwwert déi ganz Perioden 2019-2070. Dësen Ecart geet em déi 40 Prozentpunkten erof wann een sech op ee méi favorabelen demographeschen an ekonomeschen Zenario beriff.

D'Finanzsituatioun vum ëffentlechem Pensiounssystem ass doriwwer eraus enk un déi generell national ekonomesch Entwécklung gebonnen, an et ass doweinst onvermeidbar eng regelméisseg Evaluatioun vum Pensiounssystem ze maachen. Dëse Prinzip gouf och esou schonns 2012 an der Pensiounsreform festgehalen an d'Generalinspektioun vun der sozialer Sécherheet schafft an dësem Kontext all fënnef Joer een detailléierte Rapport aus wou déi nächst Publikatioun Enn dëses Joer geplangt ass.

Den "Avant-projet de loi sur un droit relatif à la combinaison retraite partielle / travail partiel" konnt nach net vun der Regierung emgesaat gin.